n°9/ 2025










# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 24.11.2025

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: R. Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°9/2025 - Parution: février 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français **5**

**1. Correspondance** **6**

**2. Construction de logements abordables** **6**
Approbation du devis estimatif relatif à la construction de logements abordables situés 51, route de Luxembourg

**3. Classement comme patrimoine culturel national** **16**
Avis à donner au sujet de la proposition de classement comme patrimoine culturel national d'une partie de l'ancienne école Wolkeschdahl

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.

**1 – Correspondance**

1. Monsieur René Manderscheid, échevin, informe le conseil communal des actions menées par la Ville de Dudelange, via son service Égalité des chances, à l'occasion de la Journée internationale de l'homme du 19 novembre 2025. Cette journée vise à sensibiliser à la santé physique et mentale des hommes. Le service souligne l'importance d'encourager les hommes à demander de l'aide à temps et à dépasser les stéréotypes liés à la virilité. Dans ce cadre, des flyers contenant des adresses utiles sont distribués et une campagne de sensibilisation intitulée « Laisse couler les vraies larmes d'homme » est menée.

2. Monsieur le bourgmestre porte la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures du 31 octobre 2025 à la connaissance du conseil communal au sujet de la demande de mise en place d'une unité de police locale sur le territoire de la Ville de Dudelange. Monsieur le Ministre précise qu'une unité de police locale vise le maintien de l'ordre public local, notamment la sécurité, la tranquillité et la salubrité publiques. La création d'une telle unité est soumise à une analyse préalable fondée sur des critères tels que les lieux à forte affluence, la présence de délinquance localisée et des problèmes récurrents d'ordre public. Cette analyse sera réalisée par la Police grand-ducale, en concertation avec les autorités communales. À l'issue de cette évaluation, le Directeur général de la Police grand-ducale décidera de la mise en place de l'unité ou proposera des solutions alternatives adaptées aux besoins de la commune.

**2 – Construction de logements abordables, 51, route de Luxembourg**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis estimatif du 24 octobre 2025, d'un montant de 2'370'000,- €, pour la construction de logements abordables situés au 51, route de Luxembourg. Cette décision fait suite à l'acte de vente du 2 février 2023, à l'avis favorable du Ministère des Affaires intérieures, et répond à la forte demande croissante de logements à loyer abordable, conformément aux priorités définies par le collège des bourgmestre et échevins.

**3 – Classement comme patrimoine culturel national d'une partie de l'ancienne école Wolkeschdahl**

Le conseil communal émet, à l'unanimité, un avis favorable à l'intention de classement comme patrimoine culturel national d'une partie de l'ancienne école Wolkeschdahl. Cette décision se fonde sur l'intérêt historique, architectural, artistique, artisanal, social et urbanistique de l'immeuble, témoin de l'urbanisation de Dudelange au XXe siècle et représentatif du modernisme d'après-guerre, tout en conservant de manière authentique plusieurs éléments intérieurs et extérieurs caractéristiques.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Une décision relative au personnel de l'administration communale est avalisée par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 18.30 heures.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 24. NOVEMBER 2025

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, e schéine gudde Mëtteg an häerzlech wëllkomm. Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press, eise Service de Communication, deen hei dobäi ass, respektiv eis aner Gäscht wäert ech herno virstellen. Mir hunn en Ordre du jour, dee vill méi kleng ass wéi dee gewinnten Ordre du jour, dee mer hunn. Ech mengen dat deet och mol gutt. Voilà, dofir géif ech am éischte Punkt ufänken ënner d'Korrespondenz a Kommunikatioun. Du wéilt de René Manderscheid eppes soen an ech géif dann och eppes soen.

## 1. KORRESPONDENZ

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Just ganz kuerz ee Wuert, Dir fannt virun Iech dee Flyer hei „Lass echte Männertränen raus" mat engem Pak Nuesschnappecher niewendrun, wann dann eng Kéier Nout um Mann sollt sinn. Dat ass am Fong emol e Kaddo gewiescht vun eisem Service à l'égalité des chances, d'lescht Woch war jo bekanntlech den Internationale Weltmännerdag, an do hu se dann all Salarié hei op der Gemeng esou e Gadget iwwermëttelt. Dir gesitt och op Ärem Flyer, an dat ass dat ëm dat geet, do sinn och e ganz Koup Adressen drop an Telefonsnummeren, do si mer drop wann eng Kéier eppes sollt sinn, wou ee sech kann Hëllef ruffen, Hëllef huelen. Méi war et et. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid an da géif ech op den zweete Punkt vun der Kommunikatioun iwwergoen. Dir kënnt Iech erënneren, dass ech am leschte Gemengerot gesot hat, dass mer den 21. Oktober 2025 jo e Courrier gemaach hunn un den Inneminister an och un de Generaldirekter vun der Police, fir eng Unité de police locale unzefroen. A mir hunn den 31. Oktober eng Äntwert vum Inneminister kritt, dee gesot huet, dass den Dossier weidergaangen ass eeben un d'Generaldirektioun vun der Police an dass natierlech déi ganz Analys d'Police wäert maachen an och d'Police eis wäert zäitno kontaktéieren, fir déi néideg Prozedur dann och an d'Weeër ze leeden a fir déi néideg Analysen ze maachen, souwéi och de Kader vum Gesetz et virgesäit. Voilà, dat ass och eng Matdeelung, déi ech Iech hei da wollt maachen. Da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

## 2. BAU VUN ABORDABELE WUNNENGEN

**Approbatioun vum Devis fir de Bau vun abordabele Wunnengen op der Route de Luxembourg 51**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt geet et ëm d'Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Konstruktioun vum Logement abordable op Nummer 51, Route de Luxembourg, also an der Lëtzebuerger Strooss. Ech begréissen dofir och hei an eiser Ronn e puer Leit, engersäits den Architektebüro, dee chargéiert gouf, de Projet mat ëmzesetzen. Dat ass de Bureau SFA Architectes vun Diddeleng, dee begréissen ech och da ganz häerzlech hei an eiser Ronn an ech begréissen awer och vun eisem Service Logement d'Tamara Cozzi, vun eisem Service Architecture et domaines d'Cathy Mambourg an de Pierre Glesener. Voilà, domat wär ech komplett gewiescht mat de Presentatioune vun eise Mataarbechter a Mataarbechter, respektiv der Madamm Nihada Frkatovic, déi eis och begleede wäert ronderëm d'Presentatioun vun deem heite Projet.

Et kann ee soen, wat dëse Projet ugeet, dass dat d'Ëmsetzung vun engem Punkt ass aus eiser Schäfferotserklärung an dass mer och als Stad Diddeleng weider Responsabilitéit iwwerhuelen an der Schafung vun zousätzlechem abordabele Wunnraum. An dat dréit natierlech och zu der Ausweidung vum ëffentlechen Immobiliepark, dee mer hunn, bäi. Just vläicht éier mer op de Projet aginn, fir Iech e bësse méi generell Informatiounen awer ze ginn, wéi déi aktuell Situatioun ass. De Moment ass et esou, 114 Logementer sinn an ëffentlecher Hand. Engersäits sinn 53 Logementer, déi vum Office social geréiert ginn am Kader vun der Gestion locative sociale an 61 Logementer, déi an der Gemengenhand och sinn, dat heescht, och vum Service Logement. Ech mengen, dat ass e bëssen esou de generelle Kader. Also 114 Logementer, opgedeelt a 61 an 53.

A mir hunn de Moment jo eng ganz Rei Projeten, déi och an der Ausschaffung sinn, déi en cours sinn, wou gebaut ginn, déi och schonn hei duerch de Gemengerot gaang sinn an déi och gestëmmt goufen. Ech wéilt se eng Kéier kuerz hei rappeléieren. Dat ass de Logement abordable an der rue Nic Bodry, dat si jo zwielef Unitéite fir véierzeg Occupanten. Viraussiichtlech am Summer 2026 ginn déi Wunnenge fäerdeg. Mir hunn de VeWa-Projet an der Rue des Champs, dat si véier Unitéite fir 21 Occupanten, dat war jo och dëst Joer am Gemengerot. Dann hu mer de Projet vun der Rue de la Paix, dat ass eng Unitéit. Dat si véier Zëmmere fir fënnef Occupanten. An eebe mat dësem Projet mat abegraff, hei an der Lëtzebuerger Strooss, dat sinn 3 Unitéite fir 16 Occupanten. Dat heescht, am Ganzen en Constructioun mat deem heite Projet, deen hei abegraff ass, wéi mer haut hei presentéiere ginn, dat 20 Unitéite fir 82 Occupanten, wéi gesot, déi mer an d'Prozedur schécken.

Dann e Projet, deen, wéi gesot, haut jo och sollt um Ordre du jour sinn, dee mer erofgeholl haten, well mer nach net déi néideg Informatiounen haten, wat d'Subsiden ugeet vum Logementsministère, déi 4 Unitéiten un Tiny Houses

am Eecherdall, dat ass fir 22 Occupanten. An natierlech de Projet an der Fontaine Strooss, deen och wäert am éischten Trimester 2026 hei an de Gemengerot kommen. Domat sinn ass am Fong och mam Eecherdall zesummen ëm déi 25 Unitéite fir 104 Occupanten hei zu Diddeleng en cours sinn, respektiv wäerten entstoen. An ech sinn nach net agaangen op déi sëlleg PAPen, déi mer hunn, de PAP A Bëlleg, wou ëm déi 24 Unitéite sinn, de PAP Pasteur, de PAP Citroën. Ech mengen dat si jo och da Projeten, déi vun enger Privatinitiativ ausginn, ma wou mer jo och iwwert de Prinzip vun de PAPe Logement-abordabele kréien.

Ech wollt nach eng Kéier hei e bëssen de Kader awer setze vun deem Engagement a vun där Responsabilitéit, déi mer als Stad Diddeleng huelen, wéi gesot, fir hei Logement-abordabelen an erschwéngleche Wunnraum ze schafen, wéinst der Wunnengsproblematik, déi mer insgesamt hei am Land hunn, wou mer um lokale Plang dann och eis Contributioun bréngen. Dir hutt och an Ärem Dossier gesinn, dat ass de Prelabel hei vun deem Projet, dee mer haut hei virstellen, do hu mer jo missen eng Acquisitioun maachen.

E bëssen den Historique: Dat war jo dann am Mäerz 2023, wou mer hei am Gemengerot den Terrain an d'Immobilie kaf hunn a wou mer natierlech weider drop geschafft hunn. An net méi spéit wéi den 10. November 2025 hate mer et an eiser Kommissioun PAL, wou den APD, wéi gesot, presentéiert gouf, eeben och als Preparatioun eebe vum Gemengerot vun haut. Voilà, dat e bësse méi de generelle Kontext vum Projet vun haut ronderëm déi 3 Logementer fir 16 Occupanten, déi hei wäerte gebaut ginn op enger Surface totale vu 5,88 Hektar.

An ech mengen, elo solle mer eis d'Geleeënheet ginn, quitte dass mer schonn an der Kommissioun, am PAL, e bëssen d'Preparatiounsaarbechte gemaach hunn, dem Gemengerot respektiv awer och dann der Press an och dobaussen eeben och de Projet an der Lëtzebuerger Strooss nach eng Kéier virstellen. An dofir géif ech och dann der Architektin direkt d'Wuert ginn, fir op de Projet anzegoen an duerno kann eise Service Logement respektiv och eise Service Architecture et Domaines och nach e puer Prezisiounen zum Projet ginn. D'Madamm Nihada Frkatovic huet d'Wuert.

NIHADA FRKATOVIC (SFA ARCHITECTES): Jo, moien, ech sinn direkt am vif vum Projet. Also, mir hunn hei e bestoend Haus an engem urbaniséierten Tissu, a lénks vum Haus hu mer hei en Eefamilljenhaus, riets vum Haus hu mer eng rezent Residenz. Eist Haus ass an enger traditioneller Bauweis vun de 60er Joer an engem Gesamtzoustand, deen net relativ gutt ass.

Baussenanlag ass och net vill, also do sinn e puer Stützwänn, mir hunn e groussen Hang hannendrun. Hei hate mer och e puer Zenarien duerchgespillt, ob mer ofrappen, bäihalen, wéi mer dat densifiéieren. An do war och déi bescht Léisung och finanziell, urbanistesch an ekologesch ze vergréisseren, awer mat dem geréngsten Opwand. An da komme mer direkt op de Projet, dee mer haut elo abordéieren. Also, mir hunn, wéi gesot, decidéiert, de Bestand ze behalen, de Rez-de-chaussée an den éischte Stack, an dee ganzen Daachstull, deen haut net an engem gudden



Zoustand ass, ewechzerappen. Mir géifen eng ganz Densitéit schafen, an där mer e ganzen Niveau plus, en Niveau Combles amenagéieren.

Déi ganz Volumetrie ass och rationaliséiert opgebaut. Mir hunn Daachgauben do kreéiert, wou mer Héichten am Wunnraum brauchen. Hannenaus hu mer dat si gelooss, wou mer déi net brauchen, wéi zum Beispill am Trapenhaus. Och am Sënn vum Budget, dat heescht all Metercube, dee mer hei plangen, heescht zum Schluss esou vill Euro pro Kubikmeter, déi mer herno fir den Bau ausginn.
Mir hunn hei eng Vue vun der ganzer Parzell mat dem Bestand, hei hu mer d'Lëtzebuerger Strooss, den Accès carrossable ass op der lénker Säit, riets hu mer d'Entrée zum Gebai an hannenaus hu mer e private Gemeinschaftsgaart. Wa mer an de Rez-de-chaussée zoomen, dat Éischt, wat opfält, mir hunn decidéiert, déi Haaptentrée net um éischte Stack ze halen, mee se op de Rez-de-chaussée ze setzen, fir méi Wunnraum uewen ze schafen. Doduerch hu mer och keng Circulatioun fir un d'Trapenhaus ze kommen.

D'Trapenhaus ass do wou et aktuell och ass, mir hunn et just vergréissert, well mer viraus ufänken. Dat heescht, d'Wunnhaus huet zwou Stellplazen, d'Lokal Raccordement ass och op der viischter Säit an hei hu mer e Lokal fir Poussetten a Vëloen, fir d'Leit ze incitéieren et reegelméisseg ze benotzen. Dat soll och praktesch sinn. Duerch de Garage hu mer e klengen Accès gemaach an en Espace irculatioun, wou mer en Déversoire amenagéiert hu fir de Service Entretien. Hannenaus hu mer dräi Kelleren, zwee méi klenger an ee méi groussen. An dat soll och eng Kompensatioun schafen, well mer do dräi Unitéite schafen. Zwou kréien en Emplacement an déi drëtt, déi keen Emplacement huet, kritt dann an deem Moment e méi grousse Keller. Mir hunn et och hikrut, e klenge WC ënnert der Trap ze schafen, well dat och ëmmer praktesch ass fir d'Personal, dat do botze kënnt. Hannenaus, net wäit vun der Haaptentrée, ass och praktesch e Local Poubelles amenagéiert. Do ass och eng bestoend Dier mat enger Fënster an dat ass ideal fir ze lëften a fir de Geroch ewech ze kréien.

Um éischte Stack, dee mer renovéieren, do gesi mer, mir kommen op den éischte Stack duerch den Escalier commun. Op der rietser Säit sinn d'Appartementer alleguerten identesch opgebaut. Mir hunn déi Zon Jour riets gehat an déi Zone Nuit lénks. Dat heescht, mir kommen an déi Zone Jour eran, wou méi Kaméidi ass. Dat heescht, hei hu mer d'Salle à manger, d'Kichen hannenaus an zu der Strooss hu mer de Sejour. A vum Sejour aus gi mer an déi roueg Zone Nuit. Do sinn d'Schlofkummeren, déi néideg Buedzëmmeren, eng Buanderie an all Appartement, e Lokal WMC zen-

traliséiert, fir déi technesch Weeër och kuerz ze halen. An en Debarras, well, jo, dat ass ëmmer am Programm gefrot ginn.

An dësem Fall hu mer dann en Appartement mat 4 Schlofkummeren fir 5 Occupanten. D'Surface habitable huet 118 Meterkaree an dësem Fall. Uewendriwwer ass de Programm immens identesch. Just do hu mer 4 Schlofkummeren a 6 Occupanten an eng Surface habitable vun 124 Meterkaree. An um leschte Stack, do hu mer och méi Schréien, do krute mer et hin, 3 Schlofkummeren, mat awer 5 Occupanten ze plangen. Hei hu mer eng Vue op d'Haaptentrée, vu dass mer se deplacéiert hunn, wollte mer se awer e bësse signaliséieren, awer eng Trennung schafen, vun der Säit, also vum Public zum vum Gaart hinaus, deen och privat soll sinn. An do hu mer e klengen Accent amenagéiert, en Auvent mat enger Clôture, fir déi Privatsphär ze assuréieren. Mir kommen awer an d'Gebai och riicht aus, also, d'Trape sinn op dëser Säit, mee et kann een och ëmmer iwwer de carrosséierte Wee erakommen.

Hannenaus wollte mer de ganze Gaart commun loossen. Mir hunn do eng Terrass amenagéiert, déi jiddweree ka benotzen. Do hu mer och eng Sëtzbänk mat engem Dësch aus Bëtong geschaf. Firwat Bëtong? Datt ass liicht fir den Ënnerhalt, et ass ëmmer do, et ass robust an et kann ëmmer spontan benotzt ginn. Et ass ëmmer do no der Aarbecht, fir och frësch Loft einfach esou spontan ze huelen. Et muss näischt virbereet ginn. De Rescht vun der Zon hu mer einfach als gréng Fläsch gelooss, dass d'Leit sech dat och kënne spontan appropriéieren. Vu dass de ganzen Terrain liicht am Hang ass, hu mer hei eng kleng Stützmauer vun engem Meter virgesinn, fir den Hang ze stäipen.

D'Architektur ass an dësem Fall immens schlicht gehalen. Also, mir haten och immens vill Contrainten duerch de Bestand a mir hunn decidéiert, dat Ganzt och neutral ze halen, also architektonesch net ze iwwerlaaschten. Wat och gutt ass, dat Ganzt schmëlzt sech an de Kontext vun der Lëtzebuerger Strooss an. Mee, wann ee méi genee hikuckt, also, mir hunn do immens nobel Materialie benotzt fir déi ganz Renovatioun ze realiséieren. Dat heescht, déi Opstockung gëtt aus Holz gemaach. Also, dat ass eng Matière renouvelable. D'Holzbauweis ass an enger Renovatioun ideal, well dat Ganzt kéint an engem Atelier virbereet ginn, also mat de Fënsteren, mat der Fassad, mat Gips an op de Chantier geliwwert ginn. Dat kierzt also d'Delaien immens zum Virdeel vum Chantier. An Holz ass an dësem Fall och ideal, well dat déi droend Strukturen, also d'Fundamenter, net onnéideg belaascht.

Dat Ganzt gëtt mat Zellulosdämmung isoléiert. De Bestand mat Holzfaserdämmung bannendran, de ganze Rez-de-chaussée, déi viischt Mauere gi mat Kalkmörtel beworf, fir dass dat Haus emol ootme kann. Mir hunn och dee ganze Buedem, déi Buedemplatt hu mer ewechgerappt an och sanéiert mat Glasschaumschotter. Wat d'Heizung ugeet, do hu mer decidéiert, eng Loft-Waasserwärmepompel ze plangen. An zum Schluss hu mer dee ganzen Daach mat Indach-Fotovoltaik geplangt. Dat huet och de Virdeel, dass mer keng traditionell Daachofdeckung musse finanzéieren. An dat reduzéiert och herno d'Chargë fir d'Locatairen, well déi Anlag ass mat 30 Kilowatt-Pic geplangt, dat heescht, et huet eng Autonomie vun 66 %, wat herno e richteg soziale Projet gëtt. Also net nëmmen en niddrege Loyer, mee niddreg Chargen och fir den Entretien, fir de Verbrauch.

Dir gesitt hei, mir sinn an enger Energieklass A + fir d'Energieeffizienzklass, Wärmeschutzklasse B. Net erschrecken, wéinst dem B, dat kënnt doduerch, well mer erneierbar Energie benotzt hunn, gewollt, an déi hunn e bësse manner gudde Lambda-Wäert wéi déi aner. An dofir an enger Renovatioun kënnt dat méi zum Virschäin. Mir hunn awer eng Gesamtenergieeffizienzklass A +, wat de Projet ugeet. An hei gesi mer, dass mer an der LENOS-Zertifizéierung immens gutt ofschneiden.

Hei ass eng Kéier just informativ eng Coupe, dat Grot ass wat mer bäibehalen a sanéieren. An hei gesi mer den Daachstull am gielen. Ech weess net ob dir dat gutt gesitt. A mir hunn am Fong net vill um Gabarit geännert, wat haut aktuell ass. Dat heescht, et géif d'Noperschaft och net vill schockéieren. An deen neien Deel géif da mat Holz hei, wat rosa ass, ugebaut ginn.

Hei ass d'Route Luxembourg hannen zum Gaart aus an den Hang zum Noper hannenaus. Hei ass eng Kéier en Tableau récapitulatif vum Projet. Mir hunn am Ganzen 3 Unitéiten. Dat si méi grouss Appartementer, déi fënnef, sechs respektiv fënnef Occupanten hunn, am Ganze 16. Mir hunn eng Surface utile d'habitation kreéiert vu ronn 348 Meterkaree mat enger Surface construite brute vu 464 Meterkaree a mat enger Surface non-aménageable vun 161 Meterkaree. Do hu mer e ganz gudde Ratio Surface utile d'habitation - Surface constructible brute vu 75 %.

Hei ass et och interessant ze gesinn, mir sinn, wat d'Surface utile d'habitation ugeet, am grénge Beräich. Also, mir hu vum Ministère du Logement imposéiert Flächen, déi mer respektéiere mussen, fir déi Typologie vun Appartementer. An et ass interessant ze gesinn, dass mer an enger Renovatioun esou optimal Fläche kréien an dat wäert sech herno am Finanzement positiv auswierken.

Wat d'Delaien ugeet, mir hu geplangt fir de Chantier Ufank 2028 fäerdegzestellen. Hei ass den Devis estimatif vum Budget. Dat heescht, wat de renge Bau ugeet, wäre mer bei ronn 1.752.000 Euro. D'Honorairen an d'Etudes spéciales géife mer op 227.000 Euro chiffréieren. Dat si mat der TVA, mat Divers et imprévus ronn 2.370.000 Euro. Ech wier elo mat der Presentatioun vum Projet duerch, da kann ech d'Wuert weiderginn. Merci.

PIERRE GLESENER (SERVICE ARCHITECURE ET DOMAINES): Bonjour alleguerten. Wéi d'Nihada Frkatovic gesot huet, eis Contrainten zum Projet waren u sech, am Bestandsgebai déi beschtméiglechst Léisung ze sichen, souwuel fir d'Virgabe vum Ministère du Logement wéi finanzieller Natur, mat Subside mat dran, also net just d'Ausgaben, mee wat kann och als Recetten hannendrunner zeréckkommen. A gläichzäiteg hu mer de Fokus drop gesat, wat d'Chargë schlussendlech finalement fir d'Locatairë ginn. Doduerch ass déi grouss Fotovoltaikanlag en Invest, deen net vum Ministère du Logement matgedroe gëtt, wou et

awer Subside vum Environnement gëtt, wéi bei all Bierger. An do kënne mer awer hannendrunner soen, dass mer mat de monatleche Chargen, déi do schlussendlech dobäi erauskommen, wäerte gutt an deem heite Gebai leien, doduerch dass mer eng A+-Gesamtenergiebilanz hunn. A fir de Rescht, mengen ech, si mer oppe fir d'Diskussioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir d'Presentatioun. Ech wollt vläicht och nach bäifügen, éier ech eng Diskussiounsronn opmaachen, dass mer hei jo och am Bestand eng ganz liicht Densifikatioun maachen. Dat maache mer och, an dat wësst Dir, well mer jo säit 2022 en neie PAG hunn an och do vum Prinzip jo festgehalen hunn, dass déi grouss Achsen, déi an Diddeleng eraféieren, aus Diddeleng erausféieren, dass mer do eng méi staark Densifikatioun maache kënnen. Dat heiten ass e bësse méi eng liicht Densifikatioun par rapport zum Bestand, mee mat deem Projet hei maache mer se. An dee Projet hei huet jo och de Virdeel, an dat selwecht och bei deelweis anere Projeten, dass en natierlech och eng Proximitéit huet zum ëffentlechen Transport. Op 150 Meter huet een d'Haaptgare vun der CFL. Et huet een och, wéi gesot, de Bus, also den TICE, ech mengen, och dat ass e Volet, deen net onwichteg ass.

A wat ech uganks vergiess hat ze soen, a grad eebe bei der Presentatioun vun dësem Projet, och déi ganz enk Ofstëmmung, déi mer bei alleguerten deenen anere Projeten an och bei dësem gemaach hunn, mam Logementsministère, also eebe wat de Volet eeben och vum Bau, wat d'Subsiden ugeet. Voilà, hei, et ass net au pourcentage près, well mer jo nach mussen eng Konventioun maache mam Logementsministère, wou mer dann och de Subsid, deen hien eis gëtt, wäert drastoe kommen. Mee hei leie mer an engem éischten offizielle Retour, dee mer vum Logementsministère kritt hunn, wat hei de Bau ugeet, bei 74,4 % Subside maximal, also 75%. Also si mer ganz no bäi.

Mee dat weist, dass et och wichteg ass, sou wéi mer eis eeben och opgestallt hunn hei an der Gemeng, mat eise Servicer, deen enke Kontakt ze siche mam Logementsministère, fir dann och herno e Projet hei ze bauen an och ëmzesetzen, dee sou no wéi méiglech un déi maximal Subside erukënnt. Da sinn natierlech eng Rei Krittären, déi mussen erfëllt ginn. Dat brauch natierlech och eng gewësse Virlafzäit, mee dat huet natierlech herno dann, wéi gesot, den Effekt, dass mer esou no wou méiglech bei de maximale Subside sinn. Dat ass dat eent.

An dat anert ass awer och, an dofir ass d'Presenz och vun der Madamm Cozzi vum Service Logement, dass mer natierlech och kucken, an d'Analys gemaach hunn, wat sinn déi Besoinen, déi mer brauchen, wéi dat do ass wéi mer Logement abordable, dat gëtt jo Locatif, dat bleift jo a Gemengenhand, a mir verlounen et iwwert de Logement abordable, An du muss een och natierlech kucken, wat do d'Besoine sinn an och natierlech probéieren, bei esou Projeten och deene Besoinen, deenen Demanden, déi mer hunn, Rechnung ze droen. Voilà, dat och nach virop als weider Info an elo ass d'Diskussioun op. Elo ka jiddereen natierlech dozou Stellung huelen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Mir haten dat do jo schonn an der Versammlung vum PAL, dat ass e ganz interessante Projet. Wat wierklech flott ass, wéi een elo haut ka bauen. Dat heescht, vill Bausubstanz erhalen an dann aus där dat Bescht maachen an ëmänneren a bäibauen an esou. An dat ass am Fong eng ganz flott Approche, fannen ech. Et kommen nei Baumaterialien an d'Spill, wéi den Holzbau, an et mécht och déi ganz Saach vill méi bëlleg. Soss hunn d'Leit ëmmer gesot, am beschten alles ofrappen an nei bauen. An an deem heite Fall gesäit een awer, dass een och ka mat enger gewëssener Raffiness architektonesch aus engem ale Bau eppes maachen a wat herno eppes hiergëtt.

Eng ganz flott Saach ass dat hei, dass mer emol elo eng Kéier eppes maache fir grouss Familllen. Bis elo, wann een esou kuckt an eise Logementsprojeten, do war net ëmmer u grouss Famille geduecht, mee hei hu mer awer 3 bis 4 Schlofkummeren. An dat ass awer schonn eng ganz flott Saach, zemools well mer jo e Gesetz hunn, wat och verlaangt, dass Kanner musse vun engem gewëssen Alter un hir eege Kummer hunn. Dat geet net méi, wou se soss zu zwee oder dräi an enger Kummer konnte leien. Dat hei ass elo mol en interessanten Dréi, fannen ech, an eiser Logementspolitik bis elo.

Wat ganz interessant ass, natierlech d'Chargë fir d'Famille ginn och kleng gehalen an et ass och elo hei erëm kee Lift dran. Mir haten dat scho bemängelt, bei 218 rue des Champs, mee et ass natierlech esou, wann ee wëllt bëlleg bauen an et wëllt ee fir e Logement abordable bauen, da kann ee sech net erlaben, e Lift dranzemaachen, well dat dreift direkt d'Chargen onheemlech an d'Luucht. Et ass heiansdo vläicht schued, et ass net dee selwechte Confort, deen een dann huet, zemools fir Famille mat Kanner, déi mussen alles d'Trapen eropschleefen, mee mer verstinn awer, dass dat hei aus Käschtegrënn an aus Nokäschtegrënn déi interessant Variant war.

Eppes, wat ech e bësse bemängelt hat an där Versammlung, dat war déi Saach mat den Trapen. Also hei ass et jo esou, no vir, also an der viischter Fassad, kënnt ee schonn an de Keller eran an da kënnt een an d'Haaptentrée op der Säit och eran, andeems ee vir bei der Garage do déi Pente geet, dann huet ee viraus guer keng Trapen. Da sinn der just hannen. Da weisen si eis do e schéint Bild vun enger schéiner grénger Wiss mat enger Bänk an zwee Déscher an engem Grill dobäi, wou dann all Weekend Grillfest ass, well de Lëtzebuerger grillt jo vun eelef Grad un. An da kann een do als Famillljen do vun deem ganzen Haus e ganz flott Fest feieren, mat enger Aschränkung: een deen do à mobilité réduite ass, dee kann net dobäi sinn. Do hunn ech mer soe gelooss, dat war net anescht méiglech, well et war net méiglech, eng Ramp ze maachen, wou een do mat engem Rollstull oder mat engem Rollator eropkomm wier.

Ech froe mech zwar, ob et net vläicht méiglech gewiescht wier, wann een se direkt vum Trottoir aus op der lénker Säit laanscht d'Haus eropgefouert hätt, dann hätt ee vläicht eng Ramp kritt, déi nom Behënnertegesetz eng Pente kritt hätt, déi - mengen ech - akzeptabel gewiescht wier. An dee Moment hätt een och deene Leit, déi am Haus sinn, kënnen

d'Méiglechkeet ginn, fir emol Besuch ze empfänken, zum Beispill wann d'Eltere kommen oder d'Schwéierleit, déi net esou gutt ze Fouss sinn, dann hätt een déi kënnen iwwert esou eng Ramp och hannenaus kréien, fir mat hinnen ze feieren. Mee, wéi gesot, dat ass eng kleng Bemierkung, dat soll awer elo net un deem ganze Projet do eng allze negativ Kritik sinn.

A wat ech och ganz flott fannen, dat ass déi nei Technik fir Fotovoltaikpannoen op den Daach ze maachen, déi dee Moment den Daachbelag ersetzen. Dat ass eppes, wat ech bis dohinner och nach net matkritt hat, eng ganz interessant Saach, well da spuert een den Daachbelag. Den Daachbelag ass, mengen ech, och net ganz gutt ze gesinn, wann d'Fotovoltaikpannoen an enger gewëssener Héicht driwwer gebaut ginn. Dat schued deem anscheinend och. An dat hei ass eng interessant Bauweis, soudass een do och erëm d'Käschte kann drécken, andeems ee kee Belag op den Daach muss maachen.

Déi Energieklass, dat ass schonn tipptopp, mir sinn do um gudde Wee. An ech mengen dann hätt ech zu deem Projet alles gesot. De Präis ass eigentlech an der Rei a mir kënnen do, mengen ech, eis awer op d'Schëller klappen, dass mer hei erëm e gutt Stéck a Richtung interessanten a familljefréndleche Logement kënne goen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Gangler.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir stëmmen de Projet fir abordabel Wunnengen op 51 Route de Luxembourg mat. Ugesiichts der Wunnengskris an dem Mangel un abordabele Wunnraum begréisse mir et, datt d'Gemeng a sozial Wunnengen investéiert, soudatt och Famille mat geréngerem Akommes sech logéiere kënnen. Dat Gutt un dësem Projet ass, datt d'Appartementer zimmlech grouss sinn, soudatt et erméiglecht, datt och Famille mat ville Kanner hei zu Diddeleng eng Wunneng kënne kréien. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Spagnuolo. Ginn et nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vu menger Säit och emol e Merci fir d'Presentatioun. Et ass en immens flotte Projet. Ech hätt just nach eng kleng Fro. Dat Haus, dat aktuell nach do steet, ass deels ënnert dem Buedem. An déi eeler Haiser hunn oft Fiichtegkeetsproblemer an de Maueren. An ech gesinn, hei ass et natierlech herno fräigeluecht, mee dat, wat am Moment de Keller ass, ass jo herno ënnen den Entréesberäich. An ech wollt froen, ob dann och elo dat doten Haus vu Fiichtegkeet befall ass Dës Weideren, Felicitatiounen zu deem, wat Dir do zesummegesat hutt. Mir gefält et ganz gutt a mir als DP si souwisou dofir, dass jidderee soll en Daach iwwert dem Kapp hunn. An hei hëlt d'Diddelenger Gemeng natierlech dann och erëm seng Responsabilitéit fir der Problematik vun de Wunnengen entgéintzewierken, wat ech och appreciéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Wie wëllt elo drukommen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, also mir wieren natierlech och ganz frou, wa jidderee mol eng Kéier en Daach iwwert dem Kapp hätt, mee wa mer dat gären hätten, da muss natierlech och eng Politik an déi Richtung gemaach ginn. Selbstverständlech, haut ass et eigentlech ganz agreabel fir d'Majoritéit, well et wäert eigentlech bal nëmme Luef ginn, mengen ech, vun eis alleguerten, well wien ass scho rose wa mer abordabele Wunnraum schafen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Oh, dat deet och emol gutt.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Wann ech awer hu missen e bësse grinsen, wéi ech d'Deliberatioun gelies hunn, déi war scho ganz zefridde mat der Majoritéit, wou drasteet, dass d'Kreatioun vun dëse Logementer elo wäert erlaben, där grousser Demande Rechnung ze droen. Bon, ech mengen dat hei ass elo een Deel an den Här Buergermeeschter huet virdrun opgezielt, wat gemaach gëtt an der Lescht.
Mee mir sinn nach ëmmer ënner 1% Logement abordable a fir bis 2035 déi 20% ze kréien, déi eng gewësse Partei versprach huet, hu mer awer nach e bëssen e wäite Wee virun eis.

Ech hu mer a Preparatioun fir haut nach eng Kéier de Moien d'Debatt ugelauschtert, wou mer dat Haus kaf hunn. Dat war 2023, wann ech mech net ieren. Do hate mer et komesch fonnt, dass mer en Haus kaf hunn, ouni et vu banne gesinn ze hunn. Mee bon, et ass jo dann alles awer gutt gaangen, duerno. An deemools war och gesot ginn, dass dat dote sollt ofgerappt ginn an dann nei gebaut ginn. An do ass vu 5 Wunnunitéite geschwat ginn. Elo si mer eis jo dann eigentlech alleguerten eens, dass dat awer vläicht eng gutt Iddi war, déi d'Madamm Ahmedova deemools relativ eleng an d'Diskussioun bruecht huet, fir eeben net direkt emol alles ofzerappen an neizebauen, mee fir ze kucken, wat ee ka mam Bestand maachen.

An ech mengen, dat ass jo hei wierklech eng gutt Saach, well souwuel vu finanzieller Säit wéi vun der Dauer vum Chantier, wéi och aus ekologesche Grënn, wann et nëmme méiglech, ass am Bestand ze bleiwen, ass dat mengen ech déi beschten Iddi. An och wa mer elo keng 5 Wunnunitéite geschaf hunn, wéi deemools versprach, si mer awer bei 3 Unitéiten a wierklech, dat ass elo scho gesot ginn, fir Famillje mat dräi bis véier Kanner. Also, zumindest déi 2 Kanner, déi an enger Schlofkummer sinn, déi wäerte jo dann ënner 12 Joer sinn, mee ech mengen dat ass wierklech e grousse Besoin hei am Land, an och hei zu Diddeleng, dass mer och emol do esou e Wunnraum schafen. Dowéinst fanne mer dat natierlech eng ganz gutt Saach.

Et ass och schonn ugeschwat ginn, dass et natierlech net PMR-gerecht ass, dat ass natierlech, et wär ëmmer schéin, wann een dat kéint hunn, mee wéi et och scho gesot ginn ass, mir mussen natierlech och kucken, dass mer Wunnraum schafen. An hei schafe mer do Wunnraum fir Famillje mat Kanner. A mir sinn eeben am Bestand, do ass net alles méiglech, do kann een net ëmmer d'Kiischt vum Kuch

hunn. Ech mengen, dass mer op anere Plaze virun allem wa mer nei bauen oder esou sollten dorop oppassen, dass mer PMR-gerecht sinn. Mee wann et net anescht geet, dann ass et esou, well mir wëlle jo awer och eise Wunnraum relativ bëlleg schafen.

Dass elo ee Logement keng Parkplaz huet, dat fanne mer och net dramatesch. Ech ka selwer bezeien, dass et relativ einfach ass, an där doter Géigend ze wunnen a keen Auto ze hunn, et ass een no um Zentrum, et ass een no um ëffentlechen Transport, um Bus, op der Gare, bei der Schoul, an Zukunft da bei enger ëffentlecher Crèche. An et ass jo och ee flotte grousse Vëlosraum, dee liicht accessibel ass, och dat fanne mer wierklech flott. Elo hunn ech bestëmmt dem Här Steffen säin Argument ewechgeholl. Mir begréisse selbstverständlech och déi grouss Autarkie vu 66% mat der Wärmepompel, mat der Fotovoltaikanlag, och dat.

Ech mengen, mir hu jo och als Bauhär eng Responsabilitéit fir ekologesch ze sinn. An et huet natierlech dee groussen Avantage, och dat ass scho gesot ginn, dass duerno och d'Chargë fir d'Locatairë kënne méi niddreg gehale ginn. Ech mengen, dat ass e gudden a wichtegen Invest. Dass dat Ganzt elo soll an Holzbauweis gemaach ginn, och dat ass jo dann éischter positiv aus ekologescher Siicht. An et wäert och relativ schnell goen. Dat ass och dee Virdeel do. Ech hu mech just gefrot, wann déi ganz Holzbauweis soll am November, Dezember opgebaut ginn, ob dat net kéint zu Problemer féieren, wann et dee Moment sollt fréieren? Ech weess net, ech kenne mech doranner net esou aus. Dat ass vläicht net déi beschten Zäit am Joer, fir dat ze maachen. Mee allgemeng mengen ech, dass de Planning ganz optimistesch ass. Wann ech mer deen esou ukucken, mir géifen nom Congé am Summer ufänken, dat heescht reell am September ufänken an dee ganze Gros-oeuvre, dee wär am Dezember fäerdeg. Dat ass, mengen ech, optimistesch. Also, do sinn ech da gespaant, ob mer dat esou wäerten hikréien oder net, mee dat sief dann esou dohinner gestallt.

Den Devis, do ware mer ganz frou, dass mer en detailléierten Devis hunn a souguer e Budget au pluriannuel. Allerdéngs ware mer e bësse duerchernee komm, well mir hunn zwee, wann net souguer dräi verschidden Devisen am Dossier gehat. Mir haten den Devis détaillé, deen ass op 1,9 Milliounen Euro hors TVA, dat sinn dann 2,2 Milliounen Euro am Ganzen. Dann hu mer deen Devis pluriannuel, do ass nach eng Kéier eng 5%-Majoratioun drop, do komme mer dann op 2,3 Milliounen Euro, dat ass jo och gutt, wann ee 5% Reserv virgesäit.

An dann hu mer awer dee finalen Devis, deen ass dann op 2,37 Milliounen Euro, dat ass dat, wat mer ofstëmmen, dat ass dann eng Hausse vu 7 % par rapport zum detailléierten Devis an awer an der Konstruktioun nëmmen eng Hausse vu 4 % an dann, bei den Etüden, vill méi eng grouss Hausse, also 11% Hausse bei den Honorairë fir den Architekt, 25% Hausse beim Genie technique an 30% Hausse beim Genie civil. Do hu mer eis gefrot, also et ass ëmmer gutt, wann een eng Reserv huet, fir dass mer net nees den Devis remanié musse stëmmen herno, mee mer hunn net esou ganz verstanen, firwat mer esou wéineg Reserv oder Konstruktioun hunn an esou vill, ganz vill Reserv op den Etüden. Dat hu mer e bësse komesch fonnt.

2023, wou d'Haus kaaft ginn ass, do ass och gesot ginn, dass d'Etüde géifen ausgeschriwwe ginn, laut Marché-publicsgesetz muss jo net eng Ausschreiwung gemaach ginn, mee et mussen awer 3 Offere gefrot ginn. Dowéinst wollt ech einfach froen déi 2 aner Offeren, déi gefrot goufen, fir d'Etüde vum Architekt, einfach fir e bëssen eng Iddi ze hunn, wéi do de Marché ass, waren déi wäit auserneen, waren déi vill méi deier oder kënnt Dir eis do eppes soen? A fir de Rescht bleift mir da just nach ze felicitéieren och de Servicer, dass mer wierklech erëm bei de Subsiden esou no un deene 75% sinn. Dat ass jo scho reegelméisseg de Fall. Do mierkt een, dass déi Servicer awer wëssen, wat se maachen. Do si mer natierlech frou. An da freeë mer eis op de Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Madamm Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, natierlech wann een als Leschte schwätzt, ass scho villes gesot ginn. Ech hoffen, ech langweilen Iech net, wann ech eppes widderhuelen. Mee jo, fir d'Alleréischt, als Gréng war et eis ëmmer wichteg, de Wunnraum als Recht ze gesinn an net als Spekulatiounsobjet. Et ass d'Grondlag fir d'Chancëgläichheet, fir d'mënschlech Dignitéit, fir d'Gesondheet a fir d'Méiglechkeet iwwerhaapt aktiv an der Gesellschaft kënnen deelzehuelen.

A well dëst Recht esou zentral ass, muss déi ëffentlech Hand natierlech hire Rôle eescht huelen. An dat maache mer an dësem Fall. De Staat, mee awer och d'Gemengen an eisem Fall, dat ass vläicht en allgemengen Opruff, misst grad hei eppes maachen a selwer nach méi Wunnenge kafen, respektiv renovéieren a bauen, fir méi e groussen, an dat hutt Dir och, Här Buergermeeschter, virdru gesot, fir méi e groussen ëffentlechen Immobiliepark kënnen ze kréien.

Dofir sti mir haut mat voller Ambitioun, Kraaft a Verantwortung hannert dësem Projet, deen abordabele Wunnraum schaaft, fir datt all Mënsch an engem würdegen a bezuelbaren - ech ënnersträiche bezuelbare Wunnraum - liewe kann, fir datt d'Recht op Wunnen endlech mol och Realitéit gëtt.

Merci och vun eiser Säit aus fir dee wierklech detailléierten Devise. Et konnt een all Punkt novollzéien an duerchkucken, d'Estimatioun ass och immens flott opgestallt. Dat muss een awer och soen. Ech hu mer erlaabt och dat Ganzt, also déi Pläng och mam Cahier de charges, deen ëffentlech ass natierlech, vum Ministère ze vergläichen. A mir sinn do och relativ konform. Mee Dir hat gesot, Dir hat Iech och mam Ministère scho getraff. Ech huelen un, dat war zu enger fréierer Phas, well et ass jo ëmmer interessant zu der Phas vum APS Avant-projet sommaire de Ministère ze gesinn, fir kënne schonn dat Ganzt besser ze ficeléieren an net im Nachhinein Ännerunge mussen ze droen. Jo, an deem Sënn och Merci un den Architektebüro, fir dat esou ausgeschafft ze hunn, mee net ze vergiessen natierlech eise Service Architecture et Domaines an de Service

Logement, déi sécherlech hei och zum groussen Deel och matgewierkt hunn.

Jo, de Planning ass immens optimistesch. Dat freet eis an och wéi d'Madamm Thoma och gesot huet, hoffe mer natierlech, a mir si gespaant, ob dat Enn 2027, soe mer Januar, Februar 2028, déi éischt Leit kéinte schonn dovunner profitéieren. Mir begréissen och hei, fir mam gudde Beispill virzegoen, fir effektiv net alles einfach ofzerappen a bei Null unzefänken, well och de Bilan vun der Groer Energie muss een awer matbetruechten, och wann se leider nach net esou am Energiepass oder am LENOZ present sinn.

Dat, wat eis och opgefall ass, an ech wëll mech, wéi gesot, net widderhuelen, fir d'drëtt, mee de PMR, an et huet eis immens gutt gefall, datt d'Entrée am Fong elo vum 1. Stack erofgaangen ass op de Rez-de-chaussée, fir datt ee méi Wunnraum gewënnt doduerch, mee mir hunn eis effektiv och gefrot, ob een net kann d'Ramp- mir sinn net am Projet dran, gell, et si wierklech just Iwwerleeungen - ob een net kann d'Ramp esou maachen, bis hannen de Gaart a vun do aus op d'mannst vläicht déi éischt Wunneng um éischte Stack probéieren, PMR-gerecht ze maachen. Mee wéi gesot, et ass verständlech och, datt e Lift natierlech all Mount d'Käschte mat sech bréngt, den Entretien an hei an do. Mee vläicht kann een dat mat der Ramp eng Kéier nopréiwen. Vläicht hutt Dir dat och gemaach.

Jo, Statement Densifikatioun: Op enger Haaptstrooss ass natierlech déi Plaz, wou dat ka geschéien an et ass immens flott. Mir koumen effektiv vu méi Wunnengen am Ufank op 3 Wunnengen, mee trotzdeem ass dat awer e Schratt no vir. An de positive Bilan mat der grousser Fotovoltaikanlag ass immens interessant, well hei gëtt jo d'Wäermt, dat heescht d'Waasser an och d'Heizung, duerch déi Loft-Waasserwärmepompel produzéiert, déi dann natierlech dee Moment mat Stroum fonctionéiert. An de Stroum gëtt am Fong duerch déi grouss Anlag equilibréiert an doduerch kréie mer e ganz, ganz positiven an equilibréierten CO2-Bilan.

Mir haten trotzdeem vläicht e puer Froen. Ech muss nach eng Kéier duerchkucken, well, wéi gesot, et si vill Saachen, déi scho gesot goufen. Jo, déi bal 75% Subventiounen hat ech mer opgeschriwwen an et ass och begréissenswäert, datt mer dat maachen. Begréissenswäert ass natierlech och, datt mer wëllen no LENOZ fueren. Dat muss ech och ënnersträichen, well kommend aus deem Beräich weess ech, datt net vill Projeten déi Zertifizéierung kréien. An et ass och net evident, fir déi Zertifizéierung ze kréien an ech hoffen, datt mir doduerch awer wäerte kënnen och vläicht e puer Subventioune méi kréien.

Zu gudder Lescht vläicht eng allgemeng Fro. Ech weess, datt verschidde Promoteuren oder Institutiounen, wéi zum Beispill de FUAK, de Fonds d'urbanisation et d'aménagement du Plateau de Kirchberg, kucken, fir och abordabel Wunnengen esou ze bauen, datt d'Subventioune quasi 1 zu 1 passen. An ech huelen hei als Beispill de Kierchbierg, well dat ass och immens einfach am Cahier de charges ze fannen. Fir eng Kiche kritt ee pro Wunneng 8.000 Euro a mir wiere mam Devis hei bei 14.600 Euro. Dat heescht, et ass awer en Ënnerscheed vun 6.000 Euro. A vu, datt déi Wunnenge wäerten herno an d'Locatioun goen, freet een sech, ob et wierklech vill Sënn mécht, fir awer méi eng deier Kichen anzebauen, well, bon, mir sinn net mam Budget, mee da kéint een awer de Budget doduerch e bëssi reduzéieren.

An dann hätt ech einfach eng Verständnisfro. Zum Punkt 5 steet och Suivi chantier pour mission zwee, dräi, véier. Zwee, dräi, véier, dat sinn d'Punkten, dat ass dann den Ingenieur, den Energiepass an de Blower Door Test, 17.000 Euro, wat ass do an där Missioun virgesinn? A wa mer richteg verstinn, ass dann de Suivi vum Architekt och nach net hei dobäi? Oder wéi ass dat? Voilà, dat konnt een net richteg erausliesen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Ahmedova. An dann de leschte Riedner, den Här Goergen.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Madamm Ahmedova, ech muss Iech leider enttäuschen. De leschte Riedner sidd Dir net gewiescht, mee ech ka mech awer Äre Wierder uschléissen. Ech mengen, et si scho vill, vill Saachen, déi hei gesot ginn, op déi ech och elo net méi all wëll agoen. Ech mengen, aus der Schäfferotserklärung geet ervir, dass mir eis fir bezuelbare Wunnraum ze schafen asetzen. Wat maache mer hei? Niewent all de Wunnengen, déi mir schonn hunn, kommen elo nach 3 Eenheeten derbäi fir 16 Occupanten, nieft all deenen Eenheeten, déi de Buergermeeschter virdru schonn all opgezielt huet.

Dat ass eng Chance fir jonk Generatiounen, awer och fir aner Biergerinnen a Bierger, sech hei zu Diddeleng nidderzeloossen. An enger Zäit, wou d'Präisser klammen an d'Erwaardungen un Nohaltegkeet ëmmer méi grouss ginn, hu mir d'Responsabilitéit, Léisungen ze sichen, déi net nëmmen haut funktionéieren, mee déi och e muer Bestand hunn. Dëse Projet ass genee esou eng Léisung. Modern, nohalteg an och sozial verantwortlech.

Et ass e Projet, an deem d'Holzbauweis, Fotovoltaik esou wéi och Energiespuersystemer integréiert sinn. Natierlech erhéijen eng Fotovoltaikanlag an eng Wärmepompel héichwäerteg Isolatioun an d'Extensioun aus Holz Käschten, mee mir gi mam Trend vum energieeffizienten nohaltege Baue mat.

Duerch seng Zertifizéierung, den A + an der Energieeffizienzklass ewéi och de B an der Wärmeschutzklass, erreeche mer dach awer héich Wäerter. An och, wéi d'Madamm Ahmedova och schonn ugekënnegt huet, d'Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung fir Wunngebaier, wou virun allem de Punkt Ökologie erausschlëscht, si mer gutt. Dëst entsprécht genee de Prioritéiten aus der Schäfferotserklärung Klimaschutz, Energieeffizienz, sozial Verantwortung an innovativ Bauweisen. Et ass e modernen, zukunftsorientéierte Projet, deen d'politesch Ziler vun der Stad Diddeleng ënnersträicht.

Dëse Projet ass e weidere Beweis fir eist Engagement fir bezuelbaren an nohaltege Wunnraum. Mir investéieren an

d'Zukunft vun eiser Stad an d'Wuel vun eise Biergerinnen a Bierger. Dofir wäerte mir als LSAP dësen Devis och matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen. Madamm Kayser, jo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Ech hunn nach eng technesch Fro. Et ass ganz vill gesot ginn. Et ass alles super, alles gutt. Éischtens emol beim Akaf. Also, mir hu jo schonn den Terrain kaaft fir 1,145 Milliounen Euro. Jo, richteg. Do war jo och gesot ginn, dass mer e Subsid kréie vu 75%. Do wollt ech nach nofroen, ob dat och esou ass. Dann, zweetens, fir mech ass dat en neie Moment, oder vläicht hunn ech dat an deenen aneren Dossieren net gesinn, dee LENOZ-Certificat. Elo war witzegerweis am leschte Wunnen e groussen Artikel do driwwer. Dat hunn ech mat Interessi gelies.

Meng Fro ass: Wéi gesot d'Madamm Ahmedova huet gesot, et sinn nach net vill Gebailechkeeten, déi dee Certificat ugefrot hunn, dat hunn ech och gesinn an de Chifferen. Ass dat bei eis elo en neie Moment? Well, wann ech mech richteg erënneren, hu mer bei A Bëlleg bei der Schoul, do leene mer eis éischter un den DGNB, also un deen däitsche Certificat. An ech hunn och hei gelies, dass do verschidden Iwwerschneidunge sinn. A mir kréien do zwee, et ass wéi am Michelin, do  ginn et Stären, hei ginn et Blieder, maximal kanns de der 4 kréien, mir kréien der 2, ech huelen hunn, dass dat ass, well mer aus dem ale Bestand eppes maachen.

An ech wollt do mol froen, do steet dann, dass ee maximal ka 14.600 Euro Subsid kréie pro Unitéit. Hutt Dir do iergendwéi schonn eng Iddi, wat mer do vun deem LENOZ-Zertifikat kënne kréien? A wéi gesot, war dat elo eng Initiativ vun der Gemeng oder war dat eng Initiativ vun Ärem Büro, dass Dir vläicht do scho méi Erfarung hutt? Dat war eng praktesch Fro, déi ech nach hat. A wéi gesot, déi aner Saachen, dat war och dat mat der Differenz oder Diskrepanz vun den Offeren, do huet d'Madamm Thoma schonn déi selwecht Fro ginn. Merci och nach eng Kéier fir déi super Presentatioun a fir dee flotte Projet. Och dem Schäfferot Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Merci och hei fir déi breet Zoustëmmung parteiiwwergräifend. An da géif ech awer effektiv un den Architektebüro respektiv un eis Servicer d'Wuert zeréckginn, fir op enger Rei Froen ze äntweren. An da wäert ech och nach e puer Prezisioune ginn.

PIERRE GLESENER (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Merci, Här Buergermeeschter. PMR ass ugeschwat ginn, wierklech elo e puermol. An den Unitéite bannendran hätte mer wansinneg vill Wunnraum verluer a mir hätten net just elo an all Appartement een Zëmmer verluer, mee do hätte mer wierklech, dat hätt de ganze Projet op d'Kopp geheit. Da wäre mer op engem Neibau gelant, deen aner Contrainten hätt an deen an de Machbarkeetsstudien och aner Nodeeler hätt, mat ganz aneren Impakter. Et kéint een eng Ramp säitlech maachen. Dat misste mer elo eng Kéier kucken, wann da géif just de Gaart accessibel ginn. Et ass eng Fro, ob een esou en Invest wëll maachen, deen net grad negligeable ass. Am gläiche Punkt muss een awer kucken, mir mussen e gewëssene Prozentsaz oploosse fir Beplanzungen an esou weider am Virberäich an am Säitepassage. Wa mer elo och nach ufänke mat Rampen, déi accessibilitéitsgesetzméisseg konform sinn, déi huelen eng grouss Fläch an, et kann et ganz gutt sinn, dass mer déi Konditiounen aus eisem Bautereglement net méi géifen erfëllen. Aus dem Bauch geschat mengen ech och, dass mer et net kéinten um Bautereglement da maachen.

Da war ugeschwat gi vum Planning, deen awer sportlech ass. Jo, en ass sportlech, dat hu mer och intern e puermol duerchgeschwat. Dat läit och ganz vill dorunner, dass mer eis an der Holzbauweis iwwerzeege gelooss hunn, dass dat quasi fäerdeg vum Wierk soll geliwwert ginn, souwuel fir d'Lëtzebuerger Strooss esou mann ewéi méiglech ze impaktéieren, zäitméisseg geschwat, an dass mer e wéineg Fiichtegkeet mat an de Baue eran huelen an doduerch och vill manner Dréchenzäiten hunn an dat eise Gros-oeuvre-Deel ganz stramm verkierze géif.

Et ass eng Ausso, déi mer mam Statiker, deen am Holzbau reegelméisseg schafft, esou ëfters duerchgeschwat hunn. E sot, et ass natierlech sportlech, mee dat wär awer eng realistesch Situatioun, wann et mat der Ausschreiwung natierlech elo net nach zu iergendewellege Komplikatioune kënnt. An da si mer, vläicht net méi am November, mee da komme mer iergendwann an der Januar, an da gëtt déi Wiederkonditiounsthematik nach méi grouss. Dat zum Planning.

D'Fro zu der Fiichtegkeet am Keller. Jo, et ass Fiichtegkeet dran, souwuel dréckend wéi aufsteigend, wéi dat bei deenen Haiser aus de 60er Jore quasi ëmmer ass. Dat ass mat eng Ursaach, firwat mer de Buedem wëllen ewechhuelen, dass mer einfach schonn emol e gudden Deel vun deem Fiichtegkeetsdeel, dee widdert der Mauer läit, ewechkréien, dass mer deen Eintrag, dee ganz vir schonn elo dauernd derbäi kënnt, einfach vun der Mauer ewechkréien, dass mer d'Mauer dréche kënne setzen. Mir maachen en Drainage ronderëm, fir dass mer och déi aufsteigend Fiichtegkeet, deen Drock, deen do entsteet, ewechkréien. Dat ass och mat eng Ursaach, firwat mer mat Foamglas wëllen isoléieren an esou weider, fir och do Bannemauere kënnen awer méi dréchen ze kréien.

Mee de Keller als Bestand bleift de Keller, wou mer da mat Kallek verbotzen oder mat aner Materialie musse schaffen, fir dass déi Fiichtegkeet, déi am Keller eeben ass, elo net zu iergendengem weidere Schued, well en ass och haut am Keller an et kann een och haut do liewen, et ass eeben e bësse méi e fiichte Keller, dat ass mat en Argument, firwat mer dréchen Debarasen an d'Unitéite mat dra gesat hunn, fir dass d'Leit och eng dréche Stockageplaz hunn. An déi ass dann an der Unitéit selwer dran, wärend deem se ënnen nach eng Kéier Keller hunn, deen ass nach ëmmer méi dréche wéi en haut ass, mee dat ass dann awer fir e bësse méi graft Material, soe mer emol, mee Pabeier géif ech elo net onbedéngt am Keller stockéieren, mee dat kënne se dann awer uewe maachen, soudass dat an den Unitéite

berücksichtegt ginn ass.

Dann ass d'LENOZ-Zertifizéierung ugeschwat ginn. Dat ass en Theema, wat mer elo eigentlech recht kuerz e bëssen ugaange sinn, d'DGNB geet vill méi wäit an ass och éischter fir vill méi grouss Projeten. Also, wann ee Wunngebidder mécht, kann een d'DGNB iergendwou an d'A faassen, awer elo op esou en eenzelne Projet bezunn, da schwätze mer dann iergendwann vun 300.000 Euro Invest fir d'DGNB kënnen ze maachen, fir op en eenzelt klengt Gebäichen. Dat ass einfach disproportionéiert.

De LENOZ ass e Lëtzebuerger Certificat, ass vill méi kleng ugesat. An hei hu mir gesot, well eisen Haustechniker a Statiker schonns Zertifizéierunge gemaach huet, dat war mat en Argument och fir mat him, well hien esouwuel am Holzbau geschafft huet wéi och de LENOZ-Zertifikat scho gemaach huet, ze soen, komm mir kucke mol eng Kéier, wou mer lande géifen. Mir sinn net drop fokusséiert, am Sënn vun, dass dat den entscheedende Punkt ass, mee mir wëllen awer weisen, dass de Projet fonctionéiert.

Da war och d'Fro komm vun der Madamm Kayser  fir den Terrain, 75% Subsiden, dat ass an dësem Fall net de Fall. Also, den Terrain gëtt net zu 75% subsidéiert. Dat läit drunner, dass mer net esou vill Meterkareeë Wunnfläch kënne schafen, wéi dat wat mer bräichten, fir dass dësen Terrain esou héich subventionéiert gëtt. Souguer, dat hu mer och gekuckt, wa mer géifen elo ofrappen, well dann hätte mer ee Wunnstack méi kënne realiséieren, hätten awer missen an de Keller eragoen, mee da géing u sech d'Bestandswunneng, déi elo drop steet, déi dann ewechgerappt gëtt, dat geet da fir de Ministère du Logement mat an den Terrain dran. Haut soen si, en Deel vun deem Gebai, wat do steet a wat mir als Réibau stoe loossen, gëtt mat an d'Viabilisatioun a gëtt mat an d'Konstruktioun mat eriwwer gerechent.

Dat heescht, haut kann ee pauschal soen, dass mer um Terrain 900.000 Euro kréien, soen ech elo mol, also dat wat mer elo haut mat hinnen an enger éischter Phas ausgerechent hunn, an eng 1,8 Milliounen Euro zum Bau. Mee et muss ee sech virstellen, datt en Deel bei deen ee gerechent gëtt, Uschlëss vum Kanal an esou weider, déi mer musse frësch maachen, déi ginn awer och an den Terrain mat eragerechent. Dat heescht, si rechnen den Terrain anescht op an déi Rechnung ass recht komplex, fir elo am Detail drop eranzegoen. Mee mir leie beim Terrain haut bei engem bal 63%. Dat kléngt no prozentual elo recht vill, mee u sech schwätze mer dann dovunner, dass dat 200.000 Euro sinn, déi erausfalen, déi soidisant net subventionéiert sinn, an de Rescht wäre mer da gutt.

Et muss een awer och soen, dass den Terrain an de Marchéspräis 2022, wou ugefaange ginn ass ze negociéieren, en anere Marchéspräis war wéi d'Kris, déi dann entstanen ass, déi ass awer duerno voll ageschloen. An haut sinn déi Präisser och e bëssen erofgaangen an doduerch sinn och d'Subsiden erëm e bëssen anescht gerechent op d'Terrainen. Da war d'Fro och nach komm mat de Kichen. D'Kichen hu mir elo mol e bësse generéis dragesat, awer och well et grouss Unitéite sinn. Also, de Ministère du Logement seet, jo, 8.900 Euro eng Kichen, mee dat ass egal ob et zwou Schlofkummere sinn oder véier Schlofkummere sinn oder fënnef Schlofkummeren. Jo, mir mussen awer iergendwann soen, eng Kachplaz mat 60 Zentimeter ass awer iergendwann, wa mer vu fënnef Kanner schwätzen oder véier Kanner schwätzen e bësse just an- wéi soll ech soen- do hu mer elo mol e bësse méi generéis ugesat.

Ech muss awer soen, dass mer elo och op aner Projeten, an deem mer recht vill Offeren erageholl hunn an esou weider, awer och ënner deenen Zommen do leien. Mee mir kommen net op déi 8.900 Euro bei esou grousse Kichen, mee mir sinn awer och net bei deene 14.000 Euro. Mee mir wollten awer och fir den Devis estimatif eng Zuel drasetzen, wou mer och sécher eng Kiche kréien.

Da war d'Fro kommt zu de Missiounen. Dach, den Architektebüro an och de Génie technique an de Génie civil Büro begleeden de Projet mat. Dat ass och an deenen Zomme mat dran. Mir sinn hei u sech an de Verhandlungen an de Verträg esou wäit gaangen, dass mer u sech e Fixpräis festgehalen hunn zum Projet an net onbedéngt zu der finanzieller Zomm, déi de Projet kascht huet. Dat ass och hei dann e bëssen eng aner Situatioun, déi an de Verhandlungen zu de Verträg gemaach ginn ass, soudass mer eigentlech do prozentual, wat d'Honorairë sinn, éischter méi déif leien, wat och erëm vum Ministère du Logement eigentlech eng Demande ass.

An da waren déi verschidde Variante vun den Devisë komm. Jo, et ass ëmmer e bëssen eng Opschlësselungsgeschicht. Ech muss soen, eeben deen Devis pluriannuel an deen nächsten am Détailé, an deen dee mir selwer erstellen, déi sinn, wéi soll ech soen, dat ass net just eng Hand, déi se mécht. Mir setzen och Reserven awer nach doranner, déi net onbedéngt vun de Büroen esou mat dra sinn. Bei de Kichen ass ëmmer eng Diskussioun, ënner anerem. An natierlech setze mir och eng kleng Reserv dran, fir de Projet och wierklech kënnen ze realiséieren an op enger zimlech sécherer Säit ze sinn – ech hoffe jo net vun engem Remanié, hei si mer net an engem VEFA, wou mer och nach direkt eng Verhandlung hunn.

Hei kënnt eeben dee Soumissiounsdeel, dat ass eigentlech dee gréissten Onsécherheetsfacteur ass de Soumissiounsdeel zum Holzbau an zu där Daachkonstruktioun, dass dat schnell zougeliwwert gëtt. An deen Holzbau géif eigentlech och esou geliwwert ginn, dass dann den Daach direkt mat drop ass. Also ënnerhalb vun deem wat mer gesot kruten, wäre mer quasi innerhalb vun dräi, véier Wochen en zouene Bau, dass et net méi era reent.

Mir waren een, zwee Familljenhaiser kucken, do ass dat och esou realiséiert ginn an dat huet och do fonctionéiert. Vun dohier si mer gudder Déng, dass mer dat och esou hikréien. An ech mengen, domadder misst ech d'Froe global eng Kéier alleguerten ugeschnidden hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Prezisiounen. Ech wollt vläicht nach op zwee Punkten agoen.
Mir hunn hei dat gemaach, wat mer och am Gemengerot 2302 gesot haten. Mir hunn en Architekt, wéi gesot, drop

gesat an elo gi mer an déi Richtung ausschreiwen. Mir hunn awer och Projeten, wou mer effektiv och dräi Offeren eranhuelen. Hei hu mer de klassesche Wee gesicht a wat ech och deemools am Gemengerot gesot hunn, d'Demolitioun war eng Optioun. Wa mer d'Demolitioun gemaach hätten an en Neibau, dann hätte mer d'Méiglechkeet gehat, véier bis fënnef Unitéiten ze kréien. Hei si mer awer am Bestand bliwwen an dofir hu mer der eebe just dräi.

Dofir hu mer och dat mat op de Wee geholl an hunn och hei elo e Projet presentéiert, wou mer dräi Unitéiten hunn, wou mer am Fall vun engem Neibau éischter Richtung véier oder fënnef gaange wären. Mee dat ware jo och 2023 och éischt Iddien, déi mer hate vum Projet. Do hate mer nach näischt Konkretes virleien an dofir si mer och op de Wee gaangen an hunn déi doten zwou Etüde gemaach, komplett Demolitioun mat Neibau, respektiv am Bestand renovéieren. Effektiv, en Neibau hätt dozou gefouert, dass mer nach méi verdicht hätten, wéi mer dat elo gemeet hunn. Voilà, ech hätt probéiert, op déi verschidde Punkten och anzegoen. Jo, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech hätt effektiv elo eng Nofro. Dat heescht, d'Etüden hu mer net ausgeschriwwen a keng Offere gefrot. Ass dat ... ?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also hei hu mer, wéi ech dat deemools och gesot hunn, mir hunn hei gemaach, wat mer och am Gemengerot do annoncéiert haten, 2023, mir hunn den Architekt beoptraagt, wéi gesot, de Projet auszeschaffen. An elo gi mer natierlech an d'Ausschreiwung, fir dann och ze kucken, wat mer vu Soumissionairë kréien, fir dann effektiv ze kucken, wien den Zouschlag kritt fir de Projet ze maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ass dat konform? Also, et deet mer leed, mee d'Marché-publicsgesetz ass dach, ab 79.000 Euro däerf een net méi fräi verginn. Oder hunn ech elo do falsch Zuelen am Kapp? Mir sinn nun awer hei iwwer 79.000 Euro, da kënne mer jo awer net einfach esou déi Etüde verginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, mir sinn hei dee klassesche Wee gaangen, quitte dass mer bei anere Projete eis effektiv par rapport zum Marché-publicsgesetz effektiv éischter dann dräi Offere froen. Hei hate mer zu deem Zäitpunkt dat esou gemaach. Bei anere Projete si mer elo effektiv aneschters ënnerwee. Voilà! Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Hei den Devis ass 2.370.000 Euro, ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An och eisen Intervenantë Merci fir hir Explikatiounen. Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn.



# 3. SCHOUL WOLKESCHDAHL

**Stellungnam zu der Propositioun, en Deel vun der fréierer Schoul Wolkeschdahl zu nationalem Kulturierwen ze erklären**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dat ass d'Klassement als Patrimoine culturel national vun engem Deel vun der fréierer Wolkeschdahler Schoul. Dir hutt gesinn an Ärem Courrier, dass mer e Schreiwes kritt hunn den 28. Oktober 2025 vum Kulturministère, fir een Deel vun där Schoul ze klasséieren. Mir situéieren eis hei an der Rue Nic Biever, wou effektiv am Kader vun der Urbanisatioun vum Quartier Wolkeschdahl an de 50er Joren hei d'Gemeng eng Architekturconcours deemools lancéiert huet, effektiv dräi Architekten an effektiv 1959 d'Architekte Bauler et Mangen den Optrag kritt hunn, deen dote Projet ëmzesetzen.

Et muss ee jo och wëssen, dass 1965 d'Wolkeschdahler Schoul, wou eng Spillschoul war, gebaut gouf. An deem Gebai sinn am Fong dräi Fligelen, et sinn och d'Vitraile vum Franz Kinnen. An den 78er Joren ass och en Deel vum Gebai och dem Lycée Nic Biever zur Verfügung gestallt ginn an haut ass et jo esou, dass de Staat Proprietär ass, also dat geréiert gëtt vu Bâtiment public, mee de Gestionnaire ass jo dann de Lycée Nic Biever, also am Fong d'Éducation nationale. Dat ass e bëssen d'Situatioun, an där mer eis hei befannen.

Bon, et muss ee soen, dat heiten ass jo dann och e Bau, deen de Krittären entsprécht, fir dann och national klasséiert ze ginn. Et muss een awer och soen, dass haut, wann haut just een Deel klasséiert gëtt - dat konnt Dir jo och an Ärem Dossier erausliesen - vun deenen dräi Fligele just deen éischte Fligel, an dat ass déi och, wou Dir hei op der Foto gesitt, wou d'Vitraile si vum Franz Kinnen.

Dat huet och domadder ze dinn, dass am Fong schonn 2022 éischt Diskussioune stattfonnt hunn tëschent dem Lycée an dem Ministère de l'Éducation nationale, respektiv och dem Kulturministère, well ursprénglech den INPA déi dräi Fligele wollt klasséieren. Awer och wëssend, dass déi dräi Fligelen a kengem allze gudden Zoustand méi sinn an och d'Fro sech natierlech do gestallt huet, och fir d'Direktioun vum Lycée, déi awer am Alldag mat der Exploitatioun dovunner ze dinn hunn och de Gestionnaire sinn, wéi een dat notze kann engersäits fir dann déi dräi Fligelen national ze klasséieren.

An op där anerer Säit awer och d'Fonctionnalitéit vum Gebai kënnen ze gewährleeschten, well an deene Gebaier do Schoul gehale gëtt. Ech mengen, och dat war e ganz, ganz wichtegen Aspekt. Nieft dem Fait, dass och natierlech Projete besti säitens vun der Éducation nationale an och vum Bâtiment public d'Gebailechkeeten haut och ze renovéieren, well se a keng méi allze guddem Zoustand sinn. An och do gouf et scho Courriere vum Lycée un d'Adress vun der Éducation nationale an och vum Kultur- a Finanzministère.

Et muss een och soen, dass 2023 och Diskussioune waren op der Plaz, wou mer als Stad Diddeleng mat dobäi waren, mam INPA, mam Lycée, mat Bâtiments publics an och mam Educatiounsministère, wou wierklech nach eng Kéier gekuckt ginn ass, wéi kann een hei e Kompromëss fannen, fir engersäits eng Protektioun drop ze setzen an anerersäits och den, duerch de reegelméissege Schoulbetrib awer och kënne weider ze garantéieren.

An et ass och unhand vun deenen doten Diskussiounen, wou dann och d'Decisioun geholl gouf, wat jo dann och positiv ass, dass am Fong just den éischten Deel, a vläicht kënne mer och eng Foto weise mat deenen dräi Fligelen, do ass just ee Fligel, et si jo och Fotoen normalerweis ënnendrënner, wou een déi dräi Fligele gesäit. Voilà, do wou de Cursor ass, dat ass de Fligel 1, dat ass de Fligel 2 an de Fligel 3, sou dat am Fong just de viischten Deel och klasséiert gëtt, wou dann och d'Vitraile si vum Franz Kinnen.

An et muss een och soen, dass dat partiellt Klassement natierlech och de Lycée Nic Biever arrangéiert, well dat keen Impakt op d'schoulesch Aktivitéiten och huet. An, bon, dat weist natierlech awer och, dass déi ganz Mobilisatioun och vun der Direktioun mat den Enseignanten, mat de Schüler, fir déi Funktionalitéit kënnen ze garantéieren, och hir Frichte gedroen huet.

A mir hunn och nach eng Kéier als Stad Diddeleng eng Diskussioun gesicht mam Kulturminister an och mam Educatiounsminister, fir se dofir ze sensibiliséieren, dass et wichteg ass, am Fong déi zwou Komponenten hei och kënnen ze alliéieren, souwuel eng Protection nationale wéi och de Schoulbetrib.

Mir wëssen awer och, dass en Deel vum Gabarit och jo am Kader vun eisem PAG eng Protektioun huet. Dat steet och dran, soudass dat heiten dann d'Resultat ass vun engem Kompromëss an enger Diskussioun, déi mer haten a mer generell jo och e ganz gudde Kontakt mam Lycée hunn an och do déi néideg Diskussioune mat den néidegen Instanzen och gesicht hunn, soudass dat Klassement, dat mer hei virleien hunn, e Klassement ass, dat och dann all d'Acteuren, all d'Parteien, an deem se zefriddestellt, engersäits, wéi gesot, d'Héichhale vum Patrimoine oder vun enger Bausubstanz aus den Enn 50er Joren an op där anerer Säit awer och déi alldeeglech Notzung vum Gebai. Dat e bëssen als Ausféierungen, wat dëst Klassement vum Wolkeschdahl ugeet. D'Diskussioun ass op.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, et ass schonn e bësse méi spéit. An et deet mer leed, ech hunn net alles, muss ech soen, elo verstanen. Dat heescht, den INPA wollt gären alles klasséieren an hei ginn am Fong just dräi Fligele klasséiert. A wat geschitt da mat deem, wat net klasséiert gëtt? Okay, et ass PAG-geschützt, also Gabarit-geschützt, mee gëtt et do e Projet, gëtt ofgerappt, gëtt nei gebaut? Wat geschitt do?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, fir déi dote Fro. Nach Froen? Jo, Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hu keng Fro, ech wollt eng Kéier Stellungnam ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ah jo, sécher, jo, natierlech.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Also, ech sinn natierlech méi wéi begeeschtert, well wann een elo do lénks nieft deene Gebaier kuckt, do ass mäin Heemeschthaus an do sinn ech mat där Schoul do grouss ginn. Ech sinn och an déi Spillschoul gaangen, déi do nach ass, wou do d'Hall Grimmler ass. A fir mech ass dat do e ganz erhalenswäerte Bau, ënner anerem, well och do erëm eng Kéier eng Trace vum Franz Kinnen ass, an där hu mer net méi esou vill. An ech hat och gehofft, et hätt ee kënnen d'Schoulgebaier nach materhalen, mee ech verstinn awer och deen Drock, deen do besteet, dass muss de Schoulbetrib erhale ginn, obschonn, et kann een elo och d'Leit eng Zäit dann an d'Containere setzen, bis do eppes gemaach gëtt.

Mee fir mech ass dat do e ganz wäertvolle Projet, dass dat doten esou erhale gëtt, wéi et do ass, mee et ass vläicht méi sentimental vu menger Säit hier, well ech do meng ganz Kandheet verbruet hunn. Wat ech awer och nach flott fannen, dat ass an deem neie Buch, wat et elo hei gëtt: „Dudelange gëscht an haut". Do stinn déi zwee Männercher do, déi stounge virdrun hei ënnen, wou elo den Hall Grimmler ass, déi stinn elo ënne beim Thilgesschlass am Park do, sou dass awer och nach Saachen erhale gi si vu fréier, déi net Immobilie waren, mee déi mobil waren.

An dat alles ass fir mech e ganz wäertvolle Lien, wou dee Quartier Wolkeschdahl huet, an deem ech grouss gi sinn, mee aner Leit och, eise gudde Mars Di Bartolomeo och, deen huet net wäit ewech gewunnt do. An ech fannen, dat ass och fir d'Diddelenger Leit e wäertvolle Lien, dass si sécher sinn, dass Saachen erhale ginn, déi an hirem Quartier entstane sinn an déi dee Quartier gepräägt hunn iwwer Joerzéngten. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Wéi gesot, Merci, Här Gangler, fir Är Stellungnam. Wat d'Madamm Ahmedova gesot huet, ech hat gemengt, ech wär a mengen Ausféierunge kloer gewiescht, wou ech gesot hunn, dass ganz kloer initial - dat hunn ech och direkt ugangs gesot vu menger Interventioun - dass den IMPA wollt déi dräi Fligele klasséieren an dass et elo just ee Fligel klasséiert gëtt, wou och d'Vitraile vum Franz Kinnen dra sinn. Dat heescht, déi aner zwee Fligele ginn net klasséiert.

A wéi gesot, déi dräi Fligelen hunn de Volet vun enger Construction conservée, de Fligel eent an de Fligel zwee an dräi, do muss de Gabarit erhale bleiwen. A wat domadder geschitt, hat ech och gesot, de Staat huet d'Intentioun, dat doten ze moderniséieren an ze renovéieren. Dat heescht, dann hoffen ech, dass et awer elo, an deem Sënn prezis genuch war, fir d'Intentioun ze bekënnege vum Staat, fir weider an de Lycée Nick Biever ze investieren an ze moderniséieren.

Madamm Ahmedova, ech hunn Iech gesot, de Fligel 1 gëtt e Patrimoine national. Dat heescht, dat gëtt jo net ofgerappt. A wa beim Fligel 2 an 3 de Gabarit muss erhale bleiwen, ech mengen dat ass eng kloer Ausso, dat heescht am PAG hu mer dat esou festgehalen, wann de Gabarit muss erhale bleiwen, dat schléisst net aus, dass Renovatiounen do stattfannen, mee de Gabarit muss en tant que tel vun der Struktur hier erhale bleiwen, mee et sinn awer Renovatiounen, déi da vum Staat gemeet ginn. An da wäert de Staat dann natierlech och un eis eruntrieden, le moment venu, well mer dann och eng Baugeneemegung jo musse ginn, fir dass de Staat seng Aarbechte ka maachen.

An op dëser Plaz, mengen ech, wat ech awer och hei ka soen, dat huet elo näischt mat deem heite Projet hei ze dinn, mam Wolkeschdahl, mee dat ass mat der Annex am Quartier Italien, déi sollt jo och erweidert ginn. Do hat d'Gemeng och schonn d'Baugeneemegung ginn. Do lafen och d'Aarbechte vu Bâtiments publics fir d'Erweiderung ze maache vun der Annex Alliance, wat jo och da positiv ass fir de Lycée Nic Biever, mengen ech, wat jo e feste Bestanddeel ass vun der sozialer Geschicht vun der Stad Diddeleng, wann een och zeréckkuckt, wat den Impakt vun der Mëttelschoul als Laboratoire hei zu Diddeleng ass.

Voilà, dat zu den Ausféierungen. Da wëlle mer elo op de Vott iwwergoen. Ass de Gemengerot mat dësem Klassement averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci, an domat si mer normalerweis zum Schluss ukomm vun eiser Séance publique a mir géifen an de Huis clos iwwergoen.

natur&ëmwelt
FLEEGESTATIOUN
FIR WËLL DÉIEREN

# Que faire ... ?

## Si je trouve un faon laissé seul



### Tous les faons ne sont pas en détresse

Oui, c'est un fait que la mère de Bambi est tuée par un chasseur dans le dessin animé, mais...

Dans la vie réelle, la période de chasse (automne-hiver) ne coïncide généralement pas avec la période de naissance (printemps-été).

Ainsi, dans la nature, le faon reste la plupart du temps seul, caché dans la végétation, pour éviter qu'il ne prenne l'odeur de sa mère. En effet, transmettre l'odeur, c'est aussi prendre le risque que les prédateurs sentent la présence du petit.

Faites comme la mère chevreuil : laissez le petit Bambi tranquille et passez votre chemin !



### Comment puis-je savoir s'il a besoin d'aide ou non ?

Tout d'abord, ne touchez pas le faon tant que vous n'êtes pas sûr qu'il est orphelin ou qu'il a besoin d'aide !

Symptômes indiquant qu'il a besoin d'aide:
- Un faon qui ne bouge plus du tout.
- Un faon qui est tout froid.
- Un faon qui se trouve à côté de sa mère morte.
- Un faon qui est blessé.
- Le champ dans lequel il s'est caché est cultivé/fauché

**Si vous n'êtes pas sûr de ce qu'il faut faire, appelez-nous au 00352 26 51 39 90 avant d'agir.**

### NOTES GÉNÉRALES :

- Ne touchez un jeune animal que si vous êtes sûr à 100% qu'il a besoin d'aide.
- Protégez-vous des morsures, des griffures et des agents pathogènes en portant des gants épais ou quelque chose de similaire.
- Transportez toujours un animal sauvage dans une caisse de transport appropriée.
- Ne ramenez pas l'animal sauvage chez vous pour vous en occuper vous-même.
- Ne nourrissez pas l'animal sauvage (ne donnez pas non plus de lait aux jeunes animaux).

DONS

**Vous souhaitez nous soutenir et nous faire un don ?**
Les dons peuvent être versés sur le **compte CCRALULL LU13 0099 7800 0090 0894** ou **par Payconiq**.
**D'avance nous vous remercions vivement pour votre aide !**

*n&ë – centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l. est une association reconnu(e) d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 10/01/2024.*

**n&ë - CENTRE DE SOINS POUR LA FAUNE SAUVAGE a.s.b.l.** | 49, rue de la Forêt | L-3471 Dudelange | +352 26 51 39 90 |
centredesoins@ne-cds.lu | www.centredesoins.lu

# BIBLIOTHÈQUE PUBLIQUE RÉGIONALE DE DUDELANGE








**Ve 20.2. • 14:00-17:00**

## Atelier Manga

avec/mam Sabrina Kaufmann

Bibliothèque

12+





**Sa 28.2. • 14:30-16:30**

## Tea and tales: creative writing with Jane Austen

with Manon Della Siega

Bibliothèque

16+



**Sa 7.3. • 10:30-11:15**

## Kinderlesung

mit Martin Klein

Bibliothek

6+




**Sa 14.3. • 15:00-16:30**

## Eine Reise in die Zeit von Jane Austen

Workshop für Kinder

Bibliothek

12+



**Fr 27.3. • 17:00-17:45**

## Kannerliesung

Nuecht vun de Bibliothéiken

Bibliothéik

5+




**Fr 27.3. • 19:00-21:00**

## A Jane Austen Evening

Workshop
with Charlotte Reuter

Bibliothèque

16+

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BIBLIOTHÈQUE PUBLIQUE RÉGIONALE DE DUDELANGE

24 rue du Commerce
L-3450 Dudelange
T 516121-250
bibliotheque@dudelange.lu
www.bibliodudelange.lu

**Inscription gratuite**
**Kostenlose Anmeldung**
**Free registration**

T 516121-250
bibliotheque@dudelange.lu

